9./XXXIV. UERDENTLECHE KONGRESS

## NORA BACK
## Presidentin vum OGBL

# Grondsazried

**29.03.2025** Et gëllt dat geschwate Wuert. / Seul le discours prononcé fait foi.

OGB·L
— D'GEWERKSCHAFT

Dir Dammen an Hären Deputéiert,

Madame l'ambassadrice de France,

Léif Éieregäscht,

Léif Kolleeginnen a Kolleegen,

Léif Kongressdelegéierten,

Léif Frënn,

ech si frou iech haut de Mueren erëm alleguer kënnen ze begréissen. Ech weess jo, dass ech bekannt dofir sinn, ëmmer éiweg laang Merci ze soen. Mee ech bieden em äert Verständnis, hei kann ech einfach net anescht: e risegrousse Merci u jiddereen eenzelne vun iech. Merci fir äert Vertrauen. Merci dass der mech nach eemol fir 5 Joer als Präsidentin wëllt. Merci dass dir mir erméiglecht dat ze si wat ech sinn. Dat ze maache wat ech maachen. Viru 5 Joer sinn ech hei fir d'éischt als Präsidentin gewielt ginn. Dat si gefillten 100 Joer hier an awer ass et wéi gëschter. Mir hu souvill zesummen erlieft, mir sinn zesummen duerch Héichten an Déifte gaang, mir hu gekämpft a gewonnen, mir hu gestridden a gestreikt, mir hu manifestéiert an dialogéiert… awer virun allem, Kolleeginnen a Kolleegen, hu mir d'Interesse vun de schaffende Leit an de Pensionéierten all Dag verdeedegt an hir Situatioun verbessert. An dat hu mer zesumme gemaach. Zesummen hu mer den OGBL vun haut gestallt. Mir hunn dem OGBL eng nei Handschrëft ginn, méi jonk, méi modern, jo vläit och méi weiblech, awer ëmmer selwecht engagéiert, ëmmer déi selwecht Wäerter vertriedend, an och ëmmer kämpferesch wann et muss sinn. An dorobber kënne mer zesummen houfreg sinn.

An duerfir geet mäin allergréisste Merci un iech fir äert gewerkschaftlecht Engagement.

Well dat Vertraue fir nach eng Kéier 5 Joer weiderzefueren, ass de Beweis, dass mir all zesummen déi lescht 5 Joer eng gutt Aarbecht geleescht hunn.

Well, an dat hunn ech och schonn oft gesot, mee ni oft genuch. Den OGBL, dat ass net seng Präsidentin. Dat ass net seng Geschäftsféierung. Nee, dat si seng Militantinnen a Militanten, seng Personaldelegéierten a seng iwwer 77.000 Memberen. Männer a Fraen aus alle Beruffer, aus allen ekonomesche Secteuren, vun ënnerschiddlechen Nationalitéiten, déi zu Lëtzebuerg oder an der Grenzregioun wunnen, jonk oder manner jonk sinn, awer all zesummen den OGBL sinn.

An net ze vergiessen, den haaptamtleche Staff vum OGBL: dir sidd fir mech meng zweet Famill ginn. Ech soen iech Merci, dass dir ni opgitt. E grousse Merci u jidderee vun iech, fir ären alldeeglechen Asaz an awer och fir är Gedold an är Ausdauer. All Dag bréngt dir den OGBL e Stéck no vir. An ech weess, et ass oft en haarde Job, an et ass ni alles perfekt, a mir géifen eis all zesummen nach souvill méi Zäit a souvill méi Moyene wënschen, an awer, Kolleeginnen a Kolleegen, stitt dir all Dag op a setzt iech an, datt et de Leit besser geet. Dir stitt op der richteger Säit an dat mécht eis aus.

Léif alleguer,

All zesummen si mer den OGBL.

Well de Succès vum OGBL ass e Succès vum Kollektiv, dat war nach ëmmer sou, an dat wäert ëmmer sou bleiwen.

An déi 5 lescht Joer ware keng einfach, dir wësst et.

Déi lescht 5 Joer waren ustrengend a mir hunn eis misse bis dohin onbekannten Defise stellen: Corona, duerno Krich an Europa, d'Indexlutte, d'Energiekris, vill Tripartitten.

Et waren Zäiten, déi vu vill Onsécherheet gepräägt waren. Mee mir hunn zesummegehalen an hu solidaresch am Kollektiv all Hürd iwwerstanen. An dat wäert och an Zukunft esou sinn.

Mir konnten ëmmer openeen zielen. Mir hunn eis Responsabilitéit iwwerholl. Mir stoungen zesummen an hu wichteg a richteg Decisioune geholl.

An dat gouf och bäi de leschte Sozialwale bestätegt, wou den OGBL gestäerkt draus ervirgaangen ass, sief dat an de Betriber, sief dat an der Chambre des salariés ,wou mer mat 37 vu 60 Sëtz eis absolut Majoritéit verdeedegt an ausgebaut hunn.

Dat ass schéin, dat ass eng Bestätegung vun eiser Aarbecht. Mee dat bréngt och eng grouss Responsabilitéit mat sech, an där si mer eis och bewosst.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen,

De Kongress fënnt all 5 Joer statt an ass ëmmer de Moment fir sech virzebereeden op d'Zukunft an sech nei opzestelle fir d'Erausfuerderungen. Mir hu gëschter eis politesch gewielten Zentralsekretären ugeholl, eis Geschäftsféierung gewielt, eis nei Exekutiv, eisen neien Nationalvirstand, eis nei Vize-Präsidenten an eis nei Präsidentin gewielt, mir sinn eng staark Ekipp, mir si prett, zesumme mat all eenzelnen am OGBL d'Zukunft unzegoen.

Mee ech muss soen, dëse Kongress ass een an enger Zäit déi sou onsécher ass wéi scho Joerzéngten net méi.

Déi aktuell international a geopolitesch Situatioun ass verstéierend.

Um nationale Plang si mer mat engem radikale politesche Kurswiessel konfrontéiert. E kale Wand bléist iwwer d'Rechter an d'Errongenschafte vun de Leit, déi musse fir hire Loun schaffe goen. Attacke géint eis Léin, eis Kollektivverträg, eis Pensiounen. Eng Regierung, déi 1 zu 1 ëmsetze wëll wat Patronat diktéiert.

Op europäeschem Plang erliewe mer e Rietsruck wéi et en an den 30^er Jore fir d'lescht gouf.

Kricher wüten all Dag an der Welt.

International Handelskricher sti virun der Dier.

An den USA sinn zwee geféierlech Gréisstewansinneger un der Spëtzt.

Kolleeginnen a Kolleegen,

D'Welt steet viru souvill Defise wéi et se scho laang net méi gouf.

Dat si keng einfach Zäiten. Och net fir Gewerkschaften. Mee si ginn duerfir awer gebraucht, a mussen op der Héicht sinn, souvill wéi nach ni. Mee mir mussen eis upassen. Ëmdenken. Prioritéite setzen. Zesumme schaffen. Eis weider moderniséieren.

Op der Héicht sinn heescht och, Weeër goen, déi virun 1 Joer nach ondenkbar gewiescht wieren.

Wéi zum Beispill eis Zesummenaarbecht mam LCGB. Vun enger éischter virsichteger gemeinsamer Campagne, sti mer haut zesummen an eisem Front syndical a sinn zesummen sou staark wéi nach ni.

Et ass fir viller iwwerraschend, a jo, och vläit eng Iwwerwannung. An dat op béide Säiten.

Nach virun 1 Joer, am Mäerz 2024 bäi de Sozialwalen, ware mer Haaptkonkurrenten, haut si mer Frënn. An ech kann iech soen, ech sinn dankbar dofir, well et ass dat eenzegt richtegt, wat mer kënne maachen, Kolleeginnen a Kolleegen. An Zäite wou mer vu Politik a Patronat sou hefteg attackéiert gi wéi nach ni, ass et eng Noutwendegkeet, jo eis Responsabilitéit, eis net auserneen dividéieren ze loossen, mee geschlossen an dee Match ze goen.

Erlaabt mer och e perséinleche Merci auszedrécken un de Patrick Dury, Nationalpräsident an de Fränz Lomel, Generalsekretär vum LCGB. Ech hunn dierfen op ärem Kongress dobäi sinn, dir sidd haut op eisem dobäi, aleng dat ass schonn eng Première.

Merci fir d'Vertrauen an dat ëmmer éierlecht Beméien, eis Stäerkten zesummen ze leeën. Nei Zäiten – nei Weeër. Dat hei ass den eenzeg richtegen. Et gëtt keen anere Choix wéi de Front syndical. Dovunner sinn ech iwwerzeegt. Dovunner si mir iwwerzeegt.

An deem Sënn wäerte mer och de Moien eng gemeinsam Dagesresolutioun unhuelen. Ouni elo wëllen Drock ze maachen, um LCGB-Kongress ass se unanime ugeholl ginn!

D'Gewerkschaftsfront ass dat wat eise Géigner vu Patronat a Politik Angscht mécht – a genee dat weist, dass si den eenzeg richtege Wee ass. Am Interessi vun deene schaffende Leit, vun de Pensionéierten an hire Familljen, vun eisen Acquisen an eiser Zukunft wäerte mir eis net méi splécke loossen!

Kolleeginnen a Kolleegen,

D'Gewerkschaftsfront ass och ëm sou méi wichteg wann ee bedenkt wat an der Welt sou lass ass. Och fir de Fridde musse mer geschlossen antrieden.

De Krich ass zeréck an Europa, Honnertdausenden Doudeger, Millioune vu Leit sinn direkt betraff a liewen elo zënter Joren an der Angscht em hiert Liewen. Famille ginn ausernee gerappt. An et si bäi all Krich ëmmer déi schaffend Leit, déi déi gréisste Laascht ze droen hunn. Sief et un der Front, sief et wirtschaftlech, an och laangfristeg wat d'sozial Ongläichheeten uginn, déi duerch Kricher verschäerft ginn. Duerfir ass d'Thema vu Krich och ëmmer e gewerkschaftlecht Thema:

Wann elo iwwer Verdeedegung, Opréschtung an e wehrhaft Europa geschwat gëtt, wann op alle Säite riseg Verdeedegungsetate gestëmmt ginn, da musse mer follgendes festhalen:

Mir sinn ëmmer fir de Fridden, fir Diplomatie, fir d'Stäerke vun internationalen Organisatioune wéi d'UNO, a géint de Krich.

Mir sinn natierlech och fir e souveräänt, staarkt, demokratescht Europa.

An der aktueller geopolitescher Situatioun, déi duerch eng ëmmer méi grouss Onsécherheet, duerch Multipolaritéit an duerch onzouverlässeg Bündnispartner gepräägt ass, kann Europa net schutzlos do stoen.

A mir sinn och weiderhin dofir, d'Ukrain an hirer Verdeedegung géint e vëlkerrechtswiddregen Ugrëffskrich ze ënnerstëtzen.

Natierlech entstinn duerch dee schreckleche Krich un den Diere vun Europa, deen elo schonn iwwer 3 Joer undauert, mee och duerch d'Agéiere vun Trump & Co. Ängschten an Debatten iwwer d'Verdeedegungsfäegkeet vun Europa.

- Wann awer elo d'Rëschtungsetate vun haut op muer solle méi wéi verduebelt ginn;
- wann d'Aktie vu private Rëschtungskonzerner op eemol duerch de Plaffong ginn;
- wann déi nei Opréschtungspolitik elo eng verfeelten europäesch Industriepolitik soll wettmaachen;
- wann op eemol nees kënnen am grousse Stil Scholde fir Militärdepense gemaach ginn, wou eis joerzéngtelaang gesot gouf, Scholde fir Investitiounen an eis Infrastruktur an an eise Sozialstaat, Investissementer an de Logement, an d'Schoul an den Ëmweltschutz géifen eise Ruin bedeiten

– da leeft eppes schif – an dann si mir alarméiert.

Mir sinn erschreckt an alarméiert wann haut an eise Länner vu Krichsfäegkeet statt vu Verdeedegungsfäegkeet geschwat gëtt.

Well mir wëssen, wou dat do op kuerz oder laang hiféiert: Nämlech a Sozialofbau fir Opréschtung.

D'Regierungsparteie soen haut, Sozialofbau wier d'rout Linn, wann et ëm Verdeedegungsdepense geet. Mir wäerten se drun erënneren! Mir wäerten net dulden, dass och nëmmen een Euro deene schaffende Leit an hire Famillen ewechgeholl gëtt, fir privat Rëschtungskonzerner ze beräicheren!

Duerfir soe mer och: E souveräänt, staarkt Europa, dat verdeedegungsfäeg ass, ass och en Europa, dat eng souverän, staark Industrie huet - well ouni déi si mer ëmmer vun auslänneschem Grousskapital ofhängeg an ouni staark Industrie ass u Verdeedegung guer net ze denken.

E souveräänt, staarkt Europa ass en Europa, dat am Sozialdialog, mat staarke Gewerkschaften, am Interesse vun der Allgemengheet agéiert; dat d'Kafkraaft vu senge Bierger stäerkt, dat op politesch Stabilitéit an Demokratie amplaz op autoritär Diskurser an Austeritéit setzt.

Mee nee, mir stëmmen net einfach an, an den neien Opréschtungshype, well mer aus der Vergaangenheet leider allze gutt wëssen, wou deen hiféiere kann a wien duerno déi Leidtragend sinn: Nämlech déi Schaffend, d'Rentner an hir Famillen - an dat ass fir eis déi rout Linn, ëmmer an iwwerall!

Fir Fridden an Diplomatie, fir e souveräänt, verdeedegungsfäegt Europa, fir Demokratie a Mënscherechter!

Kolleeginnen a Kolleegen,

Déi Visioun vun engem fortschrëttlechen Europa, an dem mer all a Fridden a Wuelstand kënne liewen, déi steet am direkte Widdersproch zum Europa wéi et sech grad entwéckelt.

D'Lëscht vun den EU-Länner an deene rietsextreem Parteien an der Regierung sinn, gëtt ëmmer méi laang.

Esou eng politesch Kris ass et zënter dem Enn vum 2. Weltkrich, zënter 80 Joer, an Europa net méi ginn.

An den Ausbléck an d'Zukunft léisst leider keen Optimismus zou.

Optimistesch kéinte mer just da sinn, wann an Europa eng Politik gemaach géif ginn, déi dem Rietsextremismus säin Nährbuedem géif entzéien.

De Rietsextremismus a säi mënscheveruerchtend Onheel wat en uriicht, si keen historeschen Zoufall ouni Grond an Ursaachen.

D'sozial Nout, d'Perspektivlosegkeet, d'Angscht virum sozialen Ofstig sinn a bleiwen d'Waasser op d'Mille vun der rietsextreemer Dynamik.

Et gëtt och eng direkt Korrelatioun tëschent dem Ofbau vun ëffentlechen Déngschtleeschtungen an der struktureller Schwächung vu ganze Regiounen an dem Opstig vun der Extrême-Droite.

Entgéint eise Fuerderungen an deene vun der europäescher Gewerkschaftsbeweegung ass déi sozial Dimensioun an Europa net gestäerkt ginn.

Déi wirtschaftlech Interessen dominéieren ëmmer méi.

Am sougenannte Pakt fir Stabilitéit a Wuesstum, deen déi national Haushaltspoliticke bestëmmt, si sozial Critèrë beschtefalls eng Randerscheinung.

Déi neoliberal Politik am Interessi vum Kapital an hire Lobbyen

- huet de Loun- an de Steierdumping gefërdert,
- si huet d'Sozialstaaten an déi ëffentlech solidaresch Systemer vun der sozialer Sécherheet geschwächt, ausgehielegt an der kommerzieller Privatiséierung ausgesat.
- Déi selwecht Remark gëllt fir d'ëffentlech Déngschtleeschtungen, inklusiv dem Gesondheets- an dem Bildungswiesen.

Kolleeginnen a Kolleegen,

De Begrëff vun der sozialer Maartwirtschaft, an nach vill méi dee vum Sozial- a Wuelfaartsstaat, sinn um Punkt an der Versenkung ze verschwannen.

Politesch Brandmauere vun den demokratesche Parteie géint rietsextremistesch Parteien an hir Regierungsbedeelegungen si wichteg an noutwendeg.

Si wäerten allerdéngs op Zäit net vill déngen, wann se net op eng ganz zolidd sozial Brandmauer opbauen.

Et geet ëm d'Fro vun der Ëmverdeelung. De geschafene Räichtum gëtt all Dag weider vun ënnen no uewe verdeelt. An och zu Lëtzebuerg gëtt haut Politik haaptsächlech am Sënn vun deenen do uewe gemaach.

Wann awer ëmmer méi grouss Deeler vun der europäescher Bevëlkerung vu sozialer Aarmut betraff sinn, dann ass dat de Som fir de Rietsextremismus.

Mäin Häerz blutt wann ech gesinn, dass an Europa ee wuessenden Deel vun der schaffender Bevëlkerung Bereetschaft weist, bäi Wale rietsextreeme Parteien hir Stëmm ze ginn oder et schonns gemaach hunn.

Hir Frustratioun géigeniwwer der Politik ass legitim a gutt ze verstoen, hire Vertrauensverloscht an d'Politik ass net onbegrënnt.

Dat ännert allerdéngs näischt un der Tatsaach, dass hiert Walverhalen an hiert Handele falsch an zudéifst réckschrëttlech sinn:

Wien rietsextreem wielt, wielt dat wat him nach vill méi Leed wäert zoufügen.

Wann e schaffende Mënsch rietsextreem wielt, wielt e géint sech selwer. D'Interesse vun de schaffende Leit sinn onvereenbar mam Rietsextremismus. Dat eent schléisst dat anert grondsätzlech aus.

Als Organisatioun, déi d'Interesse vun de schaffende Leit an hire Famille vertrëtt, als eng Organisatioun déi zudéifst vun den humanistesche Wäerter a vun dem Kampf fir d'Mënschlechkeet gepräägt ass, musse mir eis deem Widdersproch stellen.

De Rietsextremismus muss als dat entlarvt gi wat en ass: antidemokratesch, autoritär, totalitär, géint d'Mënscherechter an hir international Konventioune geriicht, friemefeindlech, rassistesch, fraefeindlech, diskriminatoresch géint Minoritéiten.

A wa mer kucke wat haut an den USA lass ass, da gesi mer wat dat alles bedeit. Wéi déi politesch Institutiounen, wéi d'Geriichter, wéi d'Wëssenschaft, wéi d'Presse- a Meenungsfräiheet a wéi déi eenzel Deeler vun der Gesellschaft gespléckt a géinteneen ausgespillt ginn. Wéi eng Demokratie an demokratesch Wäerter a Fro gestallt ginn.

A virun allem, wéi schnell dat alles ka goen.

An ech brauch kengem hei am Sall ze soen, dass wann d'Demokratie ugegraff gëtt, dass dann och eis gewerkschaftlech Fräiheeten ugegraff sinn.

D'Geschicht huet vill Beispiller dofir, dass an autoritär-totalitäre Regimmen et keng gewerkschaftlech Fräiheete méi gëtt. Bis zum Verbuet vun der gewerkschaftlecher Organisatioun oder bis zu hirer perverser Ëmgestaltung zu Alibigewerkschaften.

Ouni Opklärung geet et net.

Mee all Form vun Opklärung bréngt net vill, wann dat Allerwichtegst feelt: nämlech dem Rietsextremismus säin Nährbuedem ze entzéien. Him muss säin Nährbuedem futti gemaach ginn. Soss mécht en eis futti.

Fir d'Regierungspoliticken an Europa, fir d'europäesch Politik besteet akut héijen Handlungsbedarf.

D'politesch Kris vum europäesche Kapitalismus ass just dann ze léisen, wann elo ee weidert Wuesse vun de sozialen Ongläichheete gestoppt gëtt a gläichzäiteg déi entgéintgesate Richtung ageschloe gëtt.

- Stäerkung aplaz Schwächung vum Sozialstaat,
- Stäerkung aplaz Schwächung vun der ëffentlech-solidarescher Sozialer Sécherheet,
- Stäerkung aplaz Schwächung vun den ëffentlechen Déngschtleeschtungen, Gesondheets- a Bildungswiesen inklusiv,
- Stäerkung aplaz Schwächung vum Aarbechtsrecht,
- Stäerkung aplaz Schwächung vun der Kafkraaft,
- offensiv a sozial fortschrëttlech Bekämpfung vun de Wunnengskrisen,
- an net ze vergiessen, ee méi staark no vir statt no hanne bäi Klimaschutz a bäim Schutz vun den natierleche Ressourcen.

Gläichzäiteg muss d'Politik alles maachen, fir déi demokratesch a sozial fortschrëttlech Beweegungen an Organisatiounen ze ënnerstëtzen, se ze stäerken a sech onmëssverständlech hannert si ze stellen. All sozial fortschrëttlech, humanistesch an demokratesch gesënnten Allianzen si vun enger enormer Bedeitung am Kampf géint de Rietsextremismus. An déi gréisste vun dësen Organisatioune sinn d'Gewerkschaften.

Déi sozial Brandmauer, Kolleeginnen a Kolleegen, dat si mir!

Un der Politik ass et, eis ze ënnerstëtzen an net riicht virun ze versichen eis sou gutt et geet ze schwächen.

Leider ass dat awer genee dat wat grad zu Lëtzebuerg geschitt. Gewerkschafte ginn net vun der Regierung ënnerstëtzt. Au contraire, dës Regierung wëll keng Gewerkschaften.

D'Regierung Frieden huet decidéiert de Lëtzebuerger Sozialmodell wéi e bis elo funktionéiert huet ze attackéieren, an

dat mat enger Häert wéi mer se nach net erlieft hunn.

Den Här Frieden an den Här Mischo an hir Kolleege vum Patronat misste mol e klénge Geschichtscours maachen iwwert d'Entwécklung vum Lëtzebuerger Sozialmodell, iwwert d'Roll déi d'Gewerkschaften an deene leschte Joren a Joerzéngten zu Lëtzebuerg gespillt hu bäim Opbau vun eisem Sozialstaat, bäi der Erhalung vum Sozialfridden, bäi der Bewältegung vu Krisen.

De Sozialdialog war ëmmer d'Stäerkt vun eisem Land. Iwwer 40 Joer war de Sozialdialog vun engem onschätzbare Wäert fir d'sozial an d'ekonomesch Entwécklung hei am Land. Den OGBL versicht ëmmer un éischter Plaz d'Interesse vun de Schaffenden iwwer de Verhandlungswee ze vertrieden. Dat hu mer och déi lescht 5 Joer bewisen . Duerfir wëlle mir de sozialen Dialog virun der sozialer Konfrontatioun. Wann dat net méiglech ass, da kënnt et zum Konflikt. An och fir de Konflikt ass den OGBL prett.

Mir kënnen och dat. Wéi mer gëschter am Tätegkeetsbericht gesinn hunn. Mir hunn Erfolleger verbucht, mir si weiderkomm Mir hu vill erreecht an hunn eis Verspieche gehal. Mol um Verhandlungsdësch, mol op der Strooss. Dës Regierung wëll de Verhandlungsdësch net? Da féiert kee Wee laanscht d'Strooss.

Mir wäerten eis wieren! A mir wieren eis als Gewerkschaftsfront gemeinsam als OGBL an LCGB. Zesummen si mir sou staark wéi nach ni.

Här Frieden, Här Mischo, dot iech waarm un. Dir mengt, datt de Lëtzebuerger et net a senger DNA huet op d'Strooss ze goen. Wann dir net direkt e Kurswiessel aschlot, da wäerte mer dat ganz geschwënn gesinn wéi d'Leit op d'Strooss ginn!

An et bréngt och näischt Här Mischo fir Gewerkschafte mat falschen Zuele kléng ze rieden, sief dat bäi den CSL-Walen oder bäi den Delegatiounswalen. Ech ginn elo net méi op déi aarmséileg Manöveren an.

Mee just dat hei: d'Memberszuel vum OGBL ass an deene leschten 12 Méint ëm 10.000 geklommen. Wéi vill sinn der an der CSV bäikomm?

Den OGBL huet méi wéi 77.000 Memberen. D'CSV huet der insgesamt 10.000...

Kolleeginnen a Kolleegen,

Den OGBL steet weiderhin zum Lëtzebuerger Sozialmodell an zum Sozialdialog mat 3 gläichberechtegte Partner.

An duerfir musse mer dee Sozialmodell stäerken, an net schwächen.

An de Betriber brauche mer virun allem och méi Rechter fir d'Delegatiounen, méi Matsproocherecht, méi Moyenen a virun allem och e bessere Schutz géint Kënnegung. Et ass jo ongleeflech, wat sech do am Moment op ville Plazen um Terrain ofspillt, et gëtt mat alle Mëttelen Drock op Delegéierte gemaach. Dat wäerte mir net zouloossen!

Wann d'UEL et wierklech eescht mengt mat hire Bekenntnisser zum Sozialdialog, da soll se och mol bäi hire Betriber intervenéieren a verhënneren, dass hei Drock op d'Leit ausgeüübt gëtt, déi just wëllen hir Aarbecht maachen.

Eng UEL, déi jo am léifste gären hätt, dass e Patron alles direkt mat sengem Salarié kann aushandelen. An enger idealer Welt ouni Gewerkschaften, sou wéi fréier, am 19. Joerhonnert...

Eng UEL, déi mengt si wéisst besser wat d'Leit wëlle wéi mir, déi d'Leit vertrieden. Eng UEL, déi mengt et géif een de sougenannten Absenteismus bekämpfen, andeems ee Juegd op Kranker mécht.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Mam OGBL wäert et keng Verschlechterunge gi bäim Schutz vu kranke Leit. De Karenzdag ass en absolutten No-Go.

Par Konter brauche mer Verbesserunge bäi den Aarbechtsbedingungen, méi Präventioun.

Mir brauchen eng Legislatioun, fir d'Leit och virun de psychosoziale Risiken ze schützen: Stress a Burnout huelen ëmmer méi zou.

Mir mussen dat schütze wat am allerwichtegsten ass: Eis Gesondheet. Mir brauchen Aarbechtsplazen, déi d'Leit net krank maachen. Weder kierperlech nach psychesch.

Mir brauchen och Aarbechtszäiten, déi d'Leit net futti maachen. Den Aarbechtsdag muss en Ufank an en Enn hunn. An deen dierf och net der Willkür vum Patron ausgesat sinn.

Mir kommen och net derlaanscht, fir iwwert eng Aarbechtszäitreduktioun mat vollem Lounausgläich ze schwätzen. Well och Aarbechtszäit ass Liewenszäit. An och hei brauche mer eng Zäitenwende. Et ass net akzeptabel d'Leit auszequetsche bis se futti sinn.

A contrairement zu deem wat d'Regierung Frieden an hir Frënn bäim Patronat sech wënschen, d'Salariéë brauchen eng gewësse Virausseebarkeet vun hiren Aarbechtszäiten. Si kënnen net sprange wann de Patron se brauch an heemgeschéckt ginn, wann en se net méi brauch. Well ob et hinne gefält oder net, d'Leit hunn nieft hirer Aarbecht nach e Liewen. An och dat mussen se op d'Rei kréien an och kënne plangen.

D'Gewerkschaftsbeweegung steet historesch fir d'Verkierzung vun der Aarbechtszäit a fir hir human Gestaltung. D'Patronat steet zënter méi wéi 200 Joer fir eppes aneres: d'Aarbechtszäit esou wäit wéi nëmme méiglech der Maximéierung vum Profit ze ënnerwerfen. Iwwert de Wee vun hirer Verlängerung an iwwert de Wee vun all Forme vu Flexibiliséierung, Zerstéckelung oder Netbezuelung. De Sträit ëm d'Aarbechtszäiten ass also sou al wéi de Kapitalismus.

Bäi der Gesetzreform vun 2017 ass et eis gelongen, déi aggressiv Fuerderunge vum Patronat fir eng salariatsfeindlech Flexibiliséierung vun den Aarbechtszäiten ofzeblocken. Elo - 8 Joer duerno - hëlt d'Patronat een neien Ulaf. Et huet eng Regierung fonnt, déi seng Wënsch erfëlle wëll. Iwwert de Wee vu Verschlechterungen am Aarbechtsrecht an iwwert de Wee vun hirem Ugrëff géint eist Kollektivvertragswiesen.

Joresreferenzperioden, Verkierzung vun de Pausen tëschent zwou Schichten, Verlängerung vun der Wochenaarbechtszäit, manner wéi 44 Stonne Paus pro Woch, manner Congé, méi schaffen... dat ass dat, wat eis Regierung an hirem Koalitiounsprogramm aus dem Wonschkatalog vun der UEL kopéiert huet. Grujeleg. Dat ass dat, wat si „Moderniséierung" nennen. Dat ass vergläichbar mat Aarbechtszäiten déi mer am leschte Joerhonnert haten.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Dobäi si mir et, déi fir eng modern Wirtschaft stinn. Eng wou de Salarié geschützt ass. Sech entfale kann. Eng Wirtschaft wou et eng Matsprooch gëtt an e gesonde Kader a Form vun engem staarken Aarbechtsrecht. Nëmmen esou kann eng Wirtschaft gesond a produktiv sinn. Well mir sinn et, déi de Wuelstand erschafen.

Mee de Contraire geschitt grad: An engem Secteur hunn se de ronn 50.000 Beschäftegte jo lo mol schonn ugekënnegt hir Aarbechtszäite radikal ze verschlechteren.

Dat wat den Här Delles an den Här Frieden am Commerce wëlles hunn duerchzezéien ass einfach nëmmen inakzeptabel. Einfach esou, ouni dass een et wollt, ouni dass et en Zäitdrock gouf, matzen an der Ubanung vun engem vun de gréisste Sozialkonflikter säit Joren, trotz de Géigenargumenter vun OGBL an LCGB, ouni mat der Wimper ze zucken, an ouni un déi dausenden Salariéen ze denken, oft Frontalieren, oft Fraen, déi zu Mindestléin musse schaffe goen, hunn si eesäiteg decidéiert d'Butteker vu moies 5 bis owes 22 Auer opzemaachen, sonndes opzemaachen, Feierdeeg opzemaachen – bref, einfach mol sou, eemol kuerz London, Tokio oder Paräis spillen op d'Käschte vun de Liewensbedingunge vun dausende Leit. Onnéideg, onverständlech, eekleg an inakzeptabel. An dat vun enger Regierung déi seet, si wier dach net op der Säit vum Grousskapital. Ma heimat beweist se de Contraire.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Do kënnen d'Regierungsparteien um 8. Mäerz nach esou vill hiren Engagement fir Fraerechter ënnersträichen a betounen: Wann se gläichzäiteg ouni ëmzekucken d'Aarbechts- a Liewensbedingunge vun dausenden an dausende Fraen esou dramatesch verschlechteren; wann se all Form vu Work-Life-Balance einfach iwwer de Koup geheien, da kann een hinnen dat net ofhuelen.

Fraerechter ginn et net zum Nulltarif: Wee Geschlechtergerechtegkeet an Egalitéit wëll, dee muss och iwwer gereegelt Aarbechtszäiten, iwwer gerecht Léin a jo, och iwwer Aarbechtszäitreduktioun bäi vollem Lounausgläich schwätzen!

An deem Sënn war den OGBL dëst Joer, wéi déi Jore virdrun, e wichtege Bestanddeel vun der Manif zum 8. Mäerz. Eng

Manif, déi gewisen huet, dass et eng Ligen ass ze behaapten, zu Lëtzebuerg hätte mer d'Manifestéieren einfach net an der DNA.

Eng Manif, déi grad an dësen Zäiten ëmsou méi schéin a wichteg war. Den OGBL wäert sech weiderhi fir eng wierklech Gläichstellung a fir Fraerechter asetzen, sou wéi en dat och all Dag am Kader vu sengen Honnerte Kollektivverträg mécht.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Nieft den Aarbechtszäiten, ass natierlech de Loun eise Core business.

Den OGBL setzt sech säit senger Grënnung fir méi eng gerecht Gesellschaft an, an dat op allen Niveauen. Eise Kampf fir eng méi gerecht Verdeelung vum geschafene Räichtum fänkt mat enger offensiver Loun- an Tarifpolitik un.

An déi heescht op Lëtzebuergesch: Index, Mindestloun a Kollektivverträg.

1) Den Index ass a bleift eng rout Linn fir den OGBL. Mir hunn en an deene leschte 5 Joer verdeedegt „contre vents et marées", a mir hate Recht a mir hunn eis duerchgesat. An der zweeter Tripartite gouf den Index erëm komplett retabléiert.

Duerfir bleift eng Devis vum OGBL och an deenen nächste 5 Joer: Fangeren ewech vum Index!

2) De Mindestloun ass den zweete Bestanddeel vun enger gerechter Lounpolitik. En ass wichteg, en ass indispensabel virun allem an deene Secteuren, wou et net vill Kollektivverträg ginn.

Mee deen, deen Aarbecht huet, muss kënne vu senger Aarbecht liewen. De Mindestloun zu Lëtzebuerg ass ze déif Kolleeginnen a Kolleegen.

E läit ënnert deene 4 Critèren, déi an der europäescher Mindestloundirektiv drastinn.

E läit ënnert dem Referenzbudget vum Statec wou ee brauch fir zu Lëtzebuerg dezent ze liewen.

An e läit nach vill méi wäit ënnert dem erschafene Räichtum vun deene Leit, déi mussen zum Mindestloun schaffe goen, all Dag.

An alles dat geet net! Den OGBL fuerdert eng strukturell Erhéijung vun 10% vum Mindestloun. Mir brauchen elo wierklech méi en héije Mindestloun. Souguer Europa seet eis dat. Mee nee, den Här Mischo mat senge Kolleege vum Patronat, ass mol net bereet fir hei eppes ze maachen, fir d'Situatioun vun de schaffende Leit ze verbesseren.

Zu Lëtzebuerg si bal 15% vun de schaffende Leit sougenannte „Working poor". Dat ass Plaz 1 an Europa. Am Sport ass dat jo gutt, mee hei ass et wierklech net fir ze feieren. Hei ass dee leschten dee beschten.

3) Dat drëtt Element vun enger gerechter Lounpolitik sinn d'Kollektivverträg. Si suerge fir besser a méi gerecht Léin. Den OGBL verhandelt am Moment e puer honnert Kollektivverträg. Dat ass, wéi der wësst, eng vun eisen Haaptmissiounen.

Dat ass eng riseg Aarbecht, eng wichteg Aarbecht, fir dass déi schaffend Leit hire gerechten Undeel vum geschafe Räichtum kréien.

An duerfir brauche mer méi Kollektivverträg, virun allem sektorieller. Déi europäesch Kommissioun huet dat erkannt. Lëtzebuerg soll e Plan d'action maache, fir dass wéinstens 80% vun de schaffende Leit sollen e Kollektivvertrag kréien, dee mat de Gewerkschafte muss verhandelt ginn.

D'Approche vun der Regierung ass kloer: nämlech de Contraire ze maache vun deem wat gemaach muss ginn.

Zënter Jore fuerdere mir, dass d'Gesetz iwwert d'Kollektivverträg un déi nei wirtschaftlech Betribslandschaft hei zu Lëtzebuerg ugepasst gëtt.

Well d'Gesetz ass net méi zäitgeméiss. Et schränkt eis Verhandlungs- a Vertragsfäegkeet ëmmer méi an.

D'Resultat dovun ass, dass ëmmer méi Salariéen hei am Land vum Kollektivvertragswiesen ausgeschloss sinn. Quasi ee vun zwee Salariéen ass net méi vun engem Kollektivvertrag ofgedeckt an ass domat ausgebremst bäi der

Entwécklung vu sengem Loun a sengen Aarbechtsbedingungen, Aarbechtszäiten, Congéen, Recht op Weiderbildung, Aarbechtsplazsécherheet a Matbestëmmung am Betrib.

A wat mécht eis Regierung?

Si gräift d'Verhandlungskompetenz, nämlech dat exklusiivt Verhandlungsrecht vun den national repräsentative Gewerkschaften un.

Géint d'Definitioune vun der europäescher Direktiv.

Doriwwer eraus wëll se och nach d'Verhandlungsinhalter vun de Kollektivverträg ofschwächen.

Dat ass ee frontalen Ugrëff géint déi lëtzebuergesch Gewerkschaftsbeweegung!

Wien sech géint hir Verhandlungsrechter stellt, wien d'Gewerkschaftsbeweegung iwwert d'Aarbechtsgesetz schwäche wëll, dee stellt sech frontal géint d'Aarbechts- a Louninteresse vum Gesamtsalariat.

Dat ass eng sozial Krichserklärung géint d'Salariat a géint seng national repräsentativ gewerkschaftlech Organisatiounen OGBL an LCGB. Dat ass eng Attack op déi sozial Brandmauer, déi mir sinn.

Eise Message ass ganz kloer:

Här Premierminister,

haalt op d'Gewerkschaftsbeweegung unzegräifen,

haalt op mat ärem Plang se schwächen ze wëllen,

an organiséiert endlech de Sozialdialog fir méi Kollektivverträg.

An denkt ëmmer drun: Deen deen sech haut un der Gewerkschaftsbeweegung vergräife wëll a se schwäche wëll, dee mécht soss näischt wéi eis Demokratie nohalteg schwächen.

Net mat eis. Do wäerte mir eis wieren. Zesummen, gestäerkt a bis zum Äussersten.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Nieft der Lounpolitik gëtt et nach eng zweet Manéier d'Verdeelung vum geschafene Räichtum méi gerecht ze maachen: iwwert eng gerecht Steierpolitik.

Eng grouss Steierreform ass ugekënnegt, an dat scho laang. Si ass och néideg well eisen aktuelle Steiersystem ass ongerecht a benodeelegt virun allem déi schaffend Leit an hir Famillen.

Mee d'Steierreform muss am Virfeld mat de Gewerkschaften diskutéiert ginn.

An dozou gehéiert net „ni vu, ni connu" uniltateral vu Regierungssäit eng Pressekonferenz anzeberuffen, fir matzedeelen, datt se „Stock options" erëm aféieren oder den „High net worth individuals" nach Honnertdausenden Euroe Steierkaddoen op de Kapp maachen.

Eng Steierreform muss also virun allem fir méi Gerechtegkeet suergen, an net och nach d'Ongläichheete verstäerken. Souguer d'OECD, wat jo lo net onbedéngt Kolleege vun eis sinn, seet, dass mer ee vun den ongerechtste Steiersystemer an hire Memberlänner hunn.

Mir hunn Ongerechtegkeeten op villen Niveauen:

- Éischtens bezuelen d'Privatleit ëmmer méi Steiere par Rapport zu de Betriber, dat obwuel, dass d'Gewënner vun de Betriber jo méi héich si wéi d'Paien an d'Renten. Zënter méi wéi 30 Joer geet d'Betribsbesteierung an där Relatioun ëmmer méi no ënnen.
- Zweetens ginn d'Salairë vill méi héich besteiert wéi d'Revenue vum Kapital, déi oft entweeder komplett, oder zumindest zum Deel steierfräi sinn.
- Drëttens ginn déi niddreg, a virun allem déi mëttel Akommes, relativ gesi vill méi besteiert wéi déi héich Akommes.

Déi kréie souguer nach extra Kaddoe wann se als sougenannten Talenter gëllen an aus der grousser wäiter Welt kommen – bis zu 200.000 Euroen d'Joer steierfräi, an den däitsche Grenzgänger muss elo Steieren op sengen Iwwerstonne bezuelen

- Véiertens, eis Léin gi besteiert, de Besëtz net. A mir wësse jo wien do profitéiert: et sinn net déi Leit mam Mindestloun, déi vill Erspuertes, Aktien oder Immobilien op der Säit hunn.

- Fënneftens, Ongläichheeten tëschent Residenten a Grenzgänger besti weider oder gi souguer erop.

Här Roth, il y a du pain sur la planche wann der wëllt méi Steiergerechtegkeet erreechen. Well méi Netto vum Brutto, respektiv souguer deelweis 100% Netto vum Brutto, gëllt am Moment just fir déi Räich an d'Grousskonzerner!

Den OGBL fuerdert ënnert anerem:

- D'Gewerkschafte mussen an d'Gespréicher iwwert Steierreform am Virfeld mat agebonne ginn an net virun de Fait accompli gestallt ginn.

- Da brauche mer ee méi gerechte Steierbarème den déi niddreg a mëttel Revenuen entlaascht, an déi méi héich Revenue méi belaascht. Dëse Barème muss dann och automatesch un d'Inflatioun ugepasst ginn. Hei ass iwwregens nach ëmmer Nohuelbedarf.

- Déi sëllege Crédits d'impôt mussen och reegelméisseg un d'Inflatioun ugepasst ginn, dat féiert soss zu verstoppte Steiererhéijungen.

- Den OGBL fuerdert e Stopp vun den éiwege Baissë vun der Betribsbesteierung, a mol eng seriö Analys wat dat bis elo bruecht huet.

- D'Erëmaféierung vun der Verméigenssteier fir Privatleit, eng progressiv Verméigenssteier, sou dass déi normal Stierflech net dervu betraff sinn, an d'Aféierung vun enger Ierfschaftssteier op déi grouss Verméigen, och hei selbstverständlech esou, dass d'Erspuertes an d'Haus vun den Normalverdénger net viséiert sinn.

- Mir si géint Steierkaddoe fir Groussverdénger a verlaangen eng steierlech Gläichbehandlung vu Salairen a Kapitalerträg.

- D'Regierung muss dofir suergen, dass et net zu Benodeelegunge vun de Grenzgänger kënnt. All Dag sinn iwwer 200.000 Leit, déi hiert Land verloosse fir op Lëtzebuerg schaffen ze kommen. Stonnen am Stau stinn. Zu Lëtzebuerg hir Steiere bezuelen. Hir Cotisations sociales. Si maachen domat de Räichtum vum Land mat aus. D'Finanzéierung vun eisem Sozialstaat, eiser Sécurité sociale.

Den OGBL fuerdert, datt all d'sozial Rechter an all steierlech Mesuren, sech un all Salariéen d'selwecht, an ouni Diskriminéierung, mussen applizéieren.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Eng Steierreform muss fir méi Gerechtegkeet suergen; si muss och dem Staat déi néideg Moyene ginn, fir d'Investissementer fir d'Zukunft ze maachen. An do ass et evident, dass déi déi vill hunn, och musse vill bäidroen.

Well d'Defie si grouss, sief dat an der Gesondheetspolitik, an der Educatioun, am Logement oder an der Ëmweltpolitik.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Och béi de Pensioune kommen Defien op eis zou. Contrairement zu deem wat heiansdo behaapt gëtt, verschléisst sech den OGBL kenger Debatt.

Et ass total normal a legitim, dass d'Depensë fir d'Pensioune vun de Leit an deenen nächste Jore klammen, well do vill Leit an d'Pensioun ginn.

An enger éischter Phase kënne mer dofir op déi enorm Reserven zeréckgräifen, déi sinn dofir do. Och iwwer zousätzlech Finanzéierungsquelle musse mer kënne schwätzen. Mee et dierf op kee Fall erëm eng Kéier um Bockel vun de Leit an den nächste Generatiounen ausgedroe ginn.

Duerch d'Pensiounsreform vun 2012 verléieren déi Jonk muer schonn duerchschnëttlech 400.000 Euro. Souvill dozou, dass déi Reform vun 2012 fir déi Jonk war ...

Wann de System finanziell net méi opgeet, mussen nei Recettë geschaf ginn.

D'Gewerkschaften hunn hei eng ganz Rei Iwwerleeunge gemaach a Virschléi wéi dat kéint goen, wéi mer de System kënne laangfristeg erhalen sou wéi en elo ass.

Dat ass eng responsabel Approche. A loosst mech et eng Kéier hei kloer an däitlech soen: d'Patronat , dat sech jo ëmmer sou staatsdroend gëtt, ass hei total onverantwortlech.

Si refuséieren och nëmmen iwwer Cotisatiounserhéijungen oder aner Recetten ze diskutéieren a wëllen d'Renten ëm weider 30% kierzen. An dat, fir dass duerno déi Jonk an hir Privatversécherungen investéieren, déi de Leit net vill bréngen, mee just d'Täsche vun den Aktionäre fëllen.

An donieft wëllen se déi direkt staatlech Participatioun un den ëffentlech-rechtlech solidaresche Pensiounssystemer erofsetzen, an iwwert dëse Wee an hirem Interesse Staatsgelder an hir Täsch ëmlenken.

Si sichen net no Léisunge fir déi grouss Majoritéit vun de Leit, mee just fir déi Happy Few.

Dobäi stelle grad eis Sozialversécherungen e groussen Deel vun der Attraktivitéit vum Land duer. Dat schéngt vu Patronatssäit ëmmer vergiess ze ginn a gëtt hei direkt op d'Spill gesat.

Och hei kann een nëmme feststellen, dass d'Patronat a d'Politik total réckschrëttlech handelen. Vu moderner Wirtschaft näischt ze gesinn. Si wëllen d'Pensioune vun eise Kanner op den Niveau vun eise Grousselteren zeréckkatapultéieren. Alt erëm eng Kéier dreemen si vum leschte Joerhonnert.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Et ass verantwortungslos fir déi Jonk géint déi Al auszespillen, fir Panik ze maachen an d'Pensioune fir déi Jonk nach weider ze kierzen.

Et ass verantwortungslos wann een sech strikt dergéint wiert, fir wëlle méi Recetten ze schafen an och nach mat falschen Zuelen hantéiert wat den Niveau vun de Pensioune betrëfft.

E System séchert een of, andeems een e stäerkt, an net andeems een e beschneide geet.

An dat mécht een zu Lëtzebuerg am Sozialdialog. Mat de Sozialpartner, déi de System iwwert méi wéi 100 Joer mat opgebaut an entwéckelt hunn an e bezuelen. An net an der geféierlecher Schäindemokratie, déi eis Regierung hei bedreift. Hir Online-Aktioun „Schwätz mat.lu", bezuelt mat 150000 € erausgeheite Steiergelder, sollt de richtege Sozialdialog an den Eck stellen. An nodeems dee Schoss voll no hanne lass gaangen ass, sollen elo déi majoritär Äntwerten, déi d'Regierung alles aneschters wéi arrangéieren, einfach ignoréiert ginn.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Mam OGBL wäert et zu kengem Renteklau kommen. Mir sinn hei och op engem Punkt an der Geschicht ukomm, wou et ëm alles geet. Mir mussen eise staarken, ëffentlechen, solidaresch finanzéierte Pensiounssystem mat alle Moyene verdeedegen. En ass ee vun de gréissten Errongenschafte vum Salariat, e steet am Mëttelpunkt vun der Verdeelungsfro.

Fir eis a fir déi kommend Generatiounen. Fir d'Wuel vum Land. Fir de soziale Fridden. A vollster Verantwortung vis-à-vis vun all deenen, déi eise Sozialstaat zu dem gemaach hu wat en ass.

Eng Regierung, déi mol net vun 1/3 vun de Leit déi hei wunnen a schaffe gewielt ass, déi virun de Wale kee Wuert iwwert d'Pensioune verluer huet, déi haut respektlos géint d'Gewerkschafte facht, déi de Lëtzebuerger Sozialmodell am gaang ass ofzebauen, huet absolut keng Legitimitéit fir de Generatiounevertrag futtizeschloen. Dat wäerte mer net zouloossen!

An ech kann et elo nach eemol haart an däitlech soen: Keng Verschlechterunge vun de Leeschtunge bäi de Pensioune mat eis. Dofir musse mer op d'Strooss. Wann se eis net wëllen an enger Tripartite héieren, da wäerten se eis op der Strooss héieren.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Bäi den Diskussiounen an der Gesondheetskeess ass et änlech. Hei gëtt wéi gesot léiwer e Kampf géint déi Krank gefouert, wéi géint d'Krankheet.

Wann eis Gesondheetskeesen eidel sinn, ass dat mat Sécherheet net d'Schold vun deene Kranken. Déi kënnen net dofir a si bestrooft genuch. Mir erënneren drun, dass den Optrag, d'Haaptmissioun vun der Gesondheetskeess ass, si ze schützen an opzefänken.

An och hei dierfen nei Finanzéierungsméiglechkeete keen Tabu sinn.

Hei bitt sech virun allem en Deplafonnement bäi de Cotisatioune fir d'Saachleeschtungen un.

Dat wier eng äusserst solidaresch Mesure, well se déi Secteuren an der Ekonomie, wou méi niddreg Léin bezuelt ginn, net géif treffen.

E bësse Solidaritéit vun der Finanzplaz vis-à-vis vum Commerce oder der Horeca wier jo och mol eppes Neies...

Well och hei brauche mer Stäerkung vum System, engem System dee weiderhi muss ënnert enger Tripartite geréiert an net privatiséiert ginn.

Wann de medezinesche Fortschrëtt do ass, dierfe keng ekonomesch Spueriwwerleeungen iwwerweien. Alles anescht wier Non-assistance à personne en danger!

Duerfir ass et virun allem wichteg, dass mer eis eng national Strategie gi fir méi Personal an de Secteur ze kréien an eng besser Dotatioun; well soss ginn déi Leit, déi deene Kranke sollen hëllefen, ënnert dem staarken Drock an der Iwwerlaaschtung am Secteur nach just selwer krank.

Kolleeginnen a Kolleegen,

D'Inegalitéite sinn nach ëmmer héich zu Lëtzebuerg. Déi éischt Amtshandlung vun der Regierung huet hei direkt den Toun uginn. Leider total an déi falsch Richtung. Et ass nämlech direkt ugaange mat enger Bekämpfung vun deenen Äermsten, mat enger poleemesch gedriwwener Politik géint d'Heescherten.

De Plang géint d'Aarmut par konter léisst haut nach op sech waarden.

Woubäi den Aarmutsrisiko konstant klëmmt! Virun allem bäi de Kanner ass en extrem héich am internationale Verglach, mee eng Kannergelderhéijung schéngt fir d'Regierung en Tabu. Dat muss mol een eis erklären.

Dobäi hu mer nach ëmmer e Retard bäi der Upassung vum Kannergeld duerch déi jorelaang Desindexéierung. Dass et haut indexéiert ass, ass aleng dem onermiddlechen Asaz vum OGBL ze verdanken. Mee dass hei iwwert Joren d'Kannergeld de facto devaloriséiert ginn ass, an sech domat an den Täsche vun de Leit zerwéiert ginn ass, huet e Lach geschaf, wat muss retroaktiv zeréckbezuelt ginn.

Déi sozial Situatioun zu Lëtzebuerg huet sech esou verschlechtert an deene leschte Joren, dass Lëtzebuerg elo souguer vun der europäescher Kommissioun de béise Fanger gewise krut.

Och wa mer wéi gesot am Moment an enger schwiereger konjunktureller Situatioun sinn, steet Lëtzebuerg global gesi wirtschaftlech gutt do: zweethéchste Produktivitéit an Europa, zweethéchste Benefice pro Salarié, niddreg Inflatioun, niddreg Staatsschold, asw.

Sozial gesinn, gesäit dat anescht aus: do krute mer elo déi giel Kaart vun der europäescher Kommissioun. An hirem Tableau de bord social vu 17 Indicateuren, steet Lëtzebuerg 8 mol net gutt do.

Dat ass déi 3 schlechtste Plaz. Hannert eis si just nach Rumänien a Griichenland.

Chômage, Aarmutsrisiko, virun allem vun de Kanner, ongenügend Sozialtransferten, sinn e puer vun den Indicateuren, wou Lëtzebuerg elo iwwerwaacht gëtt.

Do muss ee jo awer d'Regierung froen: wéini gitt der endlech waakreg?

Kolleeginnen a Kolleegen,

Ee fundamentale Problem, deen sech an dem Kontext och ëmmer nach erausschielt ass natierlech de Logement.

Ech mengen do geet et elo awer wierklech duer mam Gepléischters, respektiv mat klenge Mesure fir de Promoteuren hir Margen nach weider ze erhéijen.

Hei feelt et manifestement u politescher Volontéit fir seriö an aschneidend Mesuren ze huelen. De Problem ass, d'Politik wëll senge Kolleege jo näischt Béises. Dat géif d'Stëmmung um nächste Grillfest ze vill drécken.

Mee mir brauchen eng seriö Besteierung vu Wunnengen an Terrainen, déi eidel stinn, fir géint d'Spekulatioun virzegoen. Dausenden an Dausende Wunnenge sinn do méiglech, mee do geschitt awer näischt.

D'Loyere sinn explodéiert, am Géigesaz zu de Salairen. Dat ka jo fir vill Stéit net méi opgoen. Mir brauchen endlech e seriöt Loyersgesetz wat op säin initialen Zweck zeréckkënnt: nämlech de Locataire schützen, an net den Investisseur.

De Staat an d'Gemenge mussen endlech massiv an de soziale Wunnengsbau investéiere fir d'Präisser an d'Loyeren ze beaflossen.

Duerfir kann, soll a muss een sech och verscholde wann et net anescht geet. Wéisou sollt dat bäim Logement net goen, wann et bäi der Rëschtung jo geet? Hei geet et schliisslech em d'Jugend vun eisem Land.

Komescherweis ass déi awer net op de Logementsdësch invitéiert ginn, obwuel de Problem fir si vill méi dramatesch ass wéi d'Fro vun de Pensiounen.

Mee vläicht ass de Problem vum Logement, de Prognose vun der IGSS no, jo bis 2070 geléist?

Contrairement zu deem wat néideg wier, huet d'Regierung den Invest an de Logement abordabel am Budget pluriannuell fir déi nächste Joren zeréckgeschrauft. Dat ergëtt dach kee Sënn.

Kolleeginnen a Kolleegen,

An erschreckenderweis ass dat selwecht bäi der Ëmwelt- a Klimapolitik de Fall. Hei soll an Zukunft och manner investéiert gi wéi geplangt. Eng ganz Rei Hëllefe ginn zeréckgeschrauft. Sozial Critèrë feelen nach ëmmer.

Ëmweltpolitik soll de Leit Spaass maachen an net nerven, sot de Premier. Deem eenzegen, deem déi do Politik Spaass mécht ass dem Finanzminister!

Ëmwelt a Klimaschutz ass en zentralen Enjeu fir den OGBL. An den OGBL steet voll hannert de Klimaziler.

D'Ëmwelt- a Klimakris trëfft un éischter Stell déi vulnerabel Leit. Op der Welt, mee och zu Lëtzebuerg.

D'Politicken an dësem Beräich musse sozialgerecht sinn. Hei komme riseg Käschten op eis duer, an déi Präispolitik, déi gemaach gëtt, dierf net zu nach méi Ongerechtegkeete féieren.

Et ass iwwert Tonne vun Etudë bewisen, och zu Lëtzebuerg, dass déi Räich an déi mat den décken Akommes déi sinn, déi bäi wäitem am meeschte verschmotzen.

Dann ass et logesch, dass si och am meeschte bezuelen, an net déi, déi sech déi nei Technologien net kënne leeschten, well nach ëmmer kee Prefinanzement besteet bäi den Hëllefen, well de Prêt climatique à taux zéro ofgeschaaft gouf a well d'Hëllefe fir déi niddreg Léin net duerginn.

An op der anerer Säit déi, déi souwisou genuch hunn, och nach den décksten Tesla matfinanzéiert kréien.

Kolleeginnen a Kolleegen,

De Klimawandel ass och bäi eis ukomm. Dat hunn déi meescht Leit a Politiker zu Lëtzebuerg agesinn. An en huet och en negativen Impakt op d'Aarbechtsconditiounen.

Vill Secteure sinn dovunner betraff, virun allem déi Leit déi dobausse schaffen. Hei missten dréngend nei a besser Reglementatiounen am Aarbechtsrecht kommen.

Dat ass jo un sech d'Roll vun Aarbechtsrecht: d'Leit schützen an engem Aarbechtsverhältnis, wou si dee schwaachen Deel si mat engem Lien de subordination.

Oder legiferéieren, fir géint d'Schäiselbstständegkeet vun de Plattformaarbechter virzegoen, déi ënnert prekären Aarbechtsconditioune schaffen, a wat riskéiert zu engem Nivellement vers le bas vum ganzen Aarbechtsrecht ze féieren.

Och hei kéint ee moderniséieren.

Mir mussen d'Aarbechtsrecht allgemeng un d'Digitaliséierung upassen. Méi a besser Matsproocherechter, e Recht fir sech weiderzebilden, wou jidderee kann drop zeréckgräifen.

Mee nee: den Aarbechtsminister wëll léiwer d'Aarbechtsrecht opweechen an d'Gewerkschaften un de Rand drécken.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Wa mer scho vun Attacken op eis Rechter schwätzen, da kënne mer net déi rezentst Attack vum Här Gloden ignoréieren.

Nodeems en sech fir d'éischt géint d'Heescherten agesat huet, geet en elo gär géint d'Manifestatiounsrecht vir.

Et ass eng Afrostellung vun demokratesche Rechter, vu Mënscherechter, mee déi jo schonn eng gewësse Logik huet: Als éischt geet een d'Rechter vun de schaffende Leit a vun de Gewerkschaften aschränken, an duerno hëlt een hinnen d'Rechter fir sech ze wieren. Esou gesäit dann och d'Demokratieverständnis vun dëser Regierung aus.

Mee net mat eis. Hei musse mer eis zesumme wieren, hei muss déi ganz Zivilgesellschaft sech manifestéieren.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Mir sinn an enger Zäitenwende. Mir erliewe weltwäit eng Verschibung vun de Muechten op d'Säit vun deene wéinegen, déi bal alles besëtzen. Dat ass bäim Trump esou, genee sou wéi bäim Putin, wéi awer och bäi de rietsextreeme Kräften an Europa.

Dat ass awer och esou bäi all deene Kräften, déi sech hir Politik vum Kapital diktéiere loossen, wéi och bäi der Regierung Frieden. Eng Regierung, déi sech offen zum Patronat bekennt, wou de Premierminister sech als CEO betitelt a wou de Wuertgebrauch vun UEL-Vertrieder a vu Ministeren identesch ass. Same storytelling wéi si géife soen.

Mir sinn op der anerer Säit. Op där vun de Villen, net op där vun den ieweschten 1%. Wéi scho viru 5 Joer, kämpfe mir "For the Many, not for the Few". Fir déi, déi net d'Muecht vum Geld a vum Kapital besëtzen. Mee déi d'Muecht vum Kollektiv sinn. Och dat ass eng Fro vun der Ëmverdeelung. A mir sinn op engem Turning point ukomm, wou et heescht alles oder näischt.

Réckschrëtt an en anert Joerhonnert, oder soziale Fortschrëtt.

Schwächung vu Gewerkschaften a Salariat, oder sozial Gerechtegkeet.

Autoritär Politik oder richteg Demokratie.

Et ass keng Fatalitéit. Mir alleguer sinn et, déi den Ënnerscheed kënne maachen.

Fir eis Kollektivverträg.

Fir eis Kafkraaft.

Fir eis Pensiounen.

Fir gereegelt Aarbechtszäiten.

Fir eng gutt Gesondheetsversuergung.

Fir e bezuelbaart Wunnen.

Fir eist Manifestatiounsrecht.

Fir eis Rechter a Fräiheeten.

Fir eis Demokratie.

Fir eise Lëtzebuerger Sozialmodell.

All zesummen op eis national Manifestatioun vum Front syndical OGBL an LCGB.

Schreift iech den 28. Juni 2025 déck a fett an de Kalenner.

Et kënnt op jidder eenzelne vun eis un. Mir brauchen dat selwecht Engagement wat mer an der Geschicht ëmmer erëm bewisen hunn.

Elo ass et erëm souwäit!

Vive déi schaffend Leit an d'Pensionéiert!

Vive den OGBL!

Vive d'Gewerkschaftsfront!